N° 6306
Reçue le 07.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.06.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 7. Juni 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géingen mir Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Laut Medieberichter huet sech d'Omikron-Subvariant BA.5, déi laut der WHO am Januar fir d'éischt an Südafrika opgedaucht ass, an de leschte Wochen virun allem a Portugal rasant verbreed an zu héijen Inzidenzen gefouert. An däsem Kontext géingen mir gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Kënnt Dir des Informatiounen confirméieren?
- Huet sech d'Subvariant BA.5 weider zu Lëtzebuerg verbreed, nodeem se ugangs Mee eng éischte Kéier ze Lëtzebuerg dektéiert gouf ?
    - Wa jo, wéi héich ass de Prozentsaz par Rapport zu der Gesamtzuel vun Infektiounen?
- Wat fir Mesuren ginn an dem Zesummenhang ergraff, fir enger neier Well am Hierscht entgéint ze wierken?
- Gin et nei Erkenntnisser zur Iwwerdrobarkeet an zur Virulenz vun der Sub-Variant BA.5?
- Sinn déi aktuell Impfstoffer wierksam géint Sub-Variant BA.5?

Här President, mir bieden Iech eise déifste Respekt unzehuelen.

Claude Wiseler
Deputéierten

Max Hengel
Deputéierten

N°6306
Reçue le 09.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6306 vum 7. Juni 2022 vun den honorabelen Deputéierten Här Claude Wiseler an Max Hengel.**

D'Omicron Subvariant BA.5 ass effektiv responsabel fir deen aktuellen Pic an den Inzidenzen vun Neiinfektiounen am Portugal. Et muss een dobäi awer präziséieren dass dëse Pic manner héich ass (ongeféier 2.500 Infektiounen pro Dag a Millioun Awunner) wéi déi lescht Infektiounswell am Portugal déi op de Wanter 2021-22 zréck geet (BA.1 Variant, ongeféier 6.000 Infektiounen pro Dag a Millioun Awunner). D'Inzidenz schéngt sech och iwwert déi lescht Deeg ze stabiliséieren an net weider ze klammen.

Aktuell ass den BA.5 och ganz staark präsent zu Lëtzebuerg, a representéiert elo 25.4% vun den Infektiounen an der Kalennerwoch 21 (Rapport Revilux vum LNS). Dëse Subvariant ass och wahrscheinlech responsabel fir déi liicht Hausse vun den Infektiounen déi lescht Deeg an eisem Land.

Ähnlech epidemiologesch Evolutiounen gesi mir och elo an aneren Länner an Europa an a Nordamerika, wou de BA.5 un Terrain gewënnt.

De BA.5 schéngt liicht méi transmissibel ze sinn wéi aner Omicron Subvarianten (dofir geet seng Inzidenz jo och erop), mee ass awer den aktuellen Informatiounen no net méi pathogen (d.h. e mécht d'Leit net méi krank wéi aner Varianten).

Éischten Publikatiounen no reagéieren d'Subvarianten BA.4 an BA.5 manner gutt op den Impfstoff, an domat geet d'Probabilitéit erop dass eng geimpften (a geboostert) Persoun, oder eng Persoun déi schonns virdrun mat engem aneren Variant/Subvariant infizéiert war, sech trotzdem infizéiert.

Et ass duerchaus méiglech dass bis an den Hierscht eran sech nach eng oder méi aner Varianten/Subvarianten verbreeden. An deem Sënn kann een keen direkten Zesummenhang hierstellen zwëschen der aktueller Variant/Subvariant a wat am Hierscht eventuell op eis zou kënnt.

D'Preparatiounen fir den Hierscht lafen dofir normal weider an betreffen déi eenzel Domainen déi bei der Lutte géint d'Pandémie wichteg sinn: Testing/Diagnostic (PCR a Schnelltester), Traitementer (Antiviral Medikamenter a monoclonal Antikierper), Contact tracing an Isolement, Vaccinatiounen (eventuell nei Impfstoffer) an natierlech alles wat ënnert den Terme NPI fällt (non-pharmaceutical interventions, z.B. Masken, Distanz, hygienesch Mesuren …).

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert